Foto: Guy Hoffmann

Hien as ganz einfach populär

Hie steet mat nach aneren um Balcon vun der Chamber, an ënnen an der Strooss as der Däiwel lass. Neen, d'Bauere si lass. Zufouss a mat Trakteren, mat Schwäin a mat Rëndvéi hun se de ganze Kräutmaart an e richtege Bauerentheater verwandelt. Der Polizei hire Megaphon as eng aarmséileg Troter géint all déi Radauinstrumenter, déi do ënnen sou en Hällespëktakel maachen, datt ee mengt, 't wir een zu Jericho.

Hie kann an duerf mat Genoss noläuschteren. Well 't si keng frëndlech Saachen, déi se doënnen op hiren Transparenter stoen hun, an déi se deene ropruffen, déi um Balcon stin. Dat geet nët géint séng Partei a géint hie perséinlech scho guer nët. An allen Zeitunge steet haut, wat hie gëschter op där leschter grousser Wahlmanifestatioun vun sénger Partei gesot huet: „Mir waren ëmmer eng Natioun vu Baueren, mir hëllefen deenen, déi et nach sin." Perséinlech sin him d'Bauere schäissegal, mä dat geet jo keen eppes un, an e Sonndeg gin s'all stëmmen.

Hien trëtt e Schrack no vir bei d'Balconsgelänner a wénkt rof. Hie gët gesinn, hirer e puer fänken un ze klappen a „vive den Egon" ze ruffen. Maja!, wer sagt's denn! Séng Partei oder villméi hien als Spëtzekandidat huet de Wand an de Segelen. Natierlech nët nëmme bei de Baueren! De Baueremínister sëtzt bestëmmt doheem, de Radio ze läuschteren. Deen traut sech nët heihin! Lo ruffen se, „Pir, komm op d'Dir!" Ha, do kënnen se laang jäizen! Gär géif hien zréckruffen, „de Pir traut sech nët, deen zitt de Schwanz bäi, mä ech si jo hei, ären Egon, eise Spëtzekandidat, äre Mann!"

Hien huet de Muere beim „Cercle" gesinn, datt se d'Plakate mam Pir verhonzt hun; séng nët. De Parteicoiffer hat him och zu där neier Frisur geroden, de Parteiphotograph war deier, mä säugutt.

Hie spiert, 't as lo zimlech séier riwwer hei. Lo kommen se d'Chamberstrap rop, fir dem Prësident eng Petitioun z'iwwerreechen. Wéi wann dat lo virun de Wahlen nach ee Schwäi géif intresséieren. Lo as de Moment, fir rof op d'Strooss ze goen, 't as souwisou gläich Mëtteg an Zäit fir op den Aperitiv.

Hie behält recht: Se klappen, wéi hien d'Trap rof kënnt. „Vive den Egon!" Hie wénkt a facht engem Bauerelëmmel d'Hand op d'Schëller. Dee laacht mam ganze Gesiicht zréck a mat séngem schaardege Gebëss extra. Eng Bauerefra knipst hien; hien zitt den Hutt. Déi do Leit spieren, wat d'ganzt Land scho laang weess: Den Egon as keen Demagog, deen as einfach populär, da's de Mann den um Kommen as.

Hie kuckt, datt en äus dem Gewulls kënnt an trëppelt an e frësche Koufladder. Alles schéin a gutt, mä sou eppes misst verbuede sin. Se sti mat hire Monster-Trakteren a Béischte bis an d'Ënneschtgaass. E Flic steet do sech d'Neel ze botzen; dee kënnt him jo awer de Wee hei fräimaachen! Neen, léiwer nët, dat kënnt falsch verstane gin. Hie spiert, de Kolli vun séngem wäissen Hiem as plätschnaass.

Hie bleift bei enger grousser Geschäftsvitrine stoen, wéi wann d'Saachen an der Fënster hie géifen intresséieren. Mä hie kuckt sech selwer an der Fënster. Sou gesäit also e Comingman äus: ugaangs véierzeg, nach kee Bäuch, solariumbrong, en energeschen, mä sympatheschen Zoch am Gesiicht. Do as méi wéi e Staatssekretär dran, ënnert engem Ministeschstull leeft do näischt, Jongen! Hie mierkt lo réischt, datt e virum Schneider Zwack séngem Buttek steet. Do laacht him jo e phantastesche Frack entgéint! Séng Fra wollt schon ëmmer hun, datt en sech ee keeft; lo muss en ee kafen; spéitstens an enger Woch. Deen do as nët iwwel, egal wat e kascht.

Hien huet lo eng ganz verréckten Iddi. Firwat soll hien nët mol iirgendanzwousch op den Aperitiv gon, wou en nach ni war? Einfach sou, incognito souzesoen, wann dat iwwerhaapt méiglech as. Eng hallef Stonn fir sech hun; genéissen, wéivill Leit hien heemlech bekucken an duerno pësperen an tuschelen. Einfach an e ganz normale Café, da's populär, dat kënnt ëmmer un.

Hie fënnt sou e Bistrot gläich e puer Schréck méi wäit. Bis lo as en ëmmer laanscht dee gaangen, haut geet en hei ran! Eng zwanzeg Leit sin dobannen, hirer e puer iesse schon de Menü vum Dag. Hien hänkt den Hutt un e Krop a sëtzt sech hannert en Dësch gläich bei der Dir. D'Serveuse huet hir Hänn voll ze din, mä se kënnt awer gläich op hien duer. Se gefällt him.

Hie laacht se frëndlech un. „E Riesling, wann ech glifft." „Pardon?" „Un Riesling, s'il vous plaît, Mademoiselle!" „Et pour manger?" „Un Riesling tout simplement." „Je regrette, Monsieur, nous avons besoin des tables pour manger."

Hie kuckt ëm sech, 't huet soss keen dat matkritt. Och d'Patronne dréit him de Réck an as am Gaang, hannert dem Comptoir ze telephonéieren. Kee Mënsch hieft de Kapp. Hien hieft sech, hëlt den Hutt vum Krop an as gläich nees dobäussen.

Hien as rosen. Eng Portugisin! Wouhier soll déi hien och kennen? Un den Dëscher souzen och méi wéi sécher läuter Auslänner. Dat gët jo well ëmmer méi schlëmm. Awer haut ka jo egal wien egal wou e Café opmaachen!

Hie begéint keng Bauere méi. Hien dréckt den Hutt an d'Stir a geet e Richtung Plësedaarm. Hie muss nees laanscht dee Frack beim Zwack. Hie bekuckt en nët.

josy braun